N°3742
Entrée le 09.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.03.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2026

Här President,

sou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3626 huet d'Madamm Ministesch uginn, datt an de leschten zéng Joer (2016–2025) 23 Transaktiounen am Kader vun aarbechtsrechtleche Litigen tëscht der Universitéit Lëtzebuerg an hire Mataarbechter ofgeschloss goufen, fir eng Gesamtsomme vun 1 006 210 Euro.

An deem Kader géife mir gäre follgend Froe stellen:

1. Wat waren d'Originnen vun de Konflikter, déi zu dësen 23 Transaktioune gefouert hunn?
2. Wéi héich waren déi jeeweileg Transaktiounen, a wéi héich chiffréieren sech dobäi d'Affekotenhonorairen an d'Geriichtskäschten?
3. Aus wéi engen Departementer an aus wéi engem hierarchesche Niveau vun der Universitéit Lëtzebuerg koumen déi betraffe Persounen?
4. Wéi vill vun dëse Fäll hu Kaderen oder Persounen an enger Féierungspositioun betraff?
5. Goufen aus dëse Fäll intern Konsequenzen oder strukturell Mesuren ageleet, fir änlech Situatiounen an Zukunft ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,

Liz Braz
Députée

Paulette Lenert
Députée



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu